adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
04 AVR. 2017
Question élargie N° 24

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Abrëll 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **erweidert parlamentaresch Fro (Artikel 82)** un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an un den Här Minister fir Infrastrukturen däerfen ze stellen.

*D'Zukunft vum Musée vun der groussherzoglecher Police ass ongewëss. Dëse Musée huet de Merite, wann och mat ganze bescheidene Mëttelen déi reng op de Benevolat opgebaut sinn, der „Fliicht zur Erënnerung" (devoir de mémoire) nozekommen, dëst fir ee vun der ganz wichtege Corpse fir eist Land.*

*Nieft den Erënnerungsstécker déi am Musée ausgestallt sinn, wéi Uniformen an Interventiounsween, geet et an dem Musée och drëms, d'Geschicht vun der Police an der Gendarmerie waakreg ze halen.*

*Donieft kéint de Musée vun der groussherzoglecher Police eng Attraktioun fir Touriste sinn, d'Evolutioun vun den Techniken an der Investigatioun opweisen, Schoulklassen empfänken an esou och de Beruff vum Polizist opwäerten.*

*Och d'Gebai selwer – wat sécherlech sanéiert misst ginn – ass e wichtegen Zeie vun Industriegebaier aus der Mëtt vum 20. Joerhonnert, esouwuel wat d'Architektur selwer betrëfft wéi och Lifter, Fossen a Kranen.*

*Dowéinst wéist ech den Häre Ministeren dës Froe stellen:*

*1) Deelt d'Regierung d'Meenung, datt d'Fliicht zur Erënnerung och vis-à-vis vun der Geschicht vun der Police an der Gendarmerie ze respektéieren ass?*

*2) Ass d'Regierung bereet,d'A.s.b.l. „Musée de la Police grand-ducale" esou ze ënnerstëtzten, datt déi wäertvoll Kollektioun erhale gëtt an ausgebaut ka ginn?*

*3) Ass d'Regierung bereet, hir Haltung vis-à-vis vum Gebai um Verluerekascht ze iwwerdenken, an esou dem Avis vun der Kommissioun vir Sitten a Monumenter ze respektéieren?*

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 04 avril 2017

Objet : Question élargie n° 24 du 04.04.2017 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Musée de la Police grand-ducale

Monsieur le Ministre,

Conformément à l'article 82 du Règlement de la Chambre, j'ai l'honneur de vous communiquer ci-joint une question élargie adressée à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure et à Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés